N° 4790
Reçue le 14.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 14 SEP. 2021

Réf. : 83ax20439

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 4790 du 2 août 2021 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° n° 4790 du 2 août 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet d'un code de déontologie pour le secteur culturel, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 4790

139-000050-20090730-FR

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 4790 vum 2. August 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup**

Bei der *Charte de déontologie pour les structures culturelles* handelt et sech em en Aarbechtsdokument wat a senger aktueller Fassung net diffuséiert gëtt, a just mat de concernéierte Strukturen a Persounen zur Berodung an Diskussioun gedeelt gëtt. Déi Concernéiert goufen invitéiert fir eis bis de 15. Oktober hir Stellungnamen zoukommen ze loossen, op Basis vun deenen den Text iwwerschafft an adaptéiert wäert ginn.

Et geet bei der *Charte*, anescht wéi den Honorabelen Deputéierten ënnerstellt, net dorëms fir gewësse Moralvirstellungen z'imposéieren oder eng moralesch Instanz ze schafen, mee fir ethesch a professionell Valeuren ze definéieren, berufflech Verhalensreegelen, déi vum gesamte Kultursecteur kënne gedroe ginn, an him zu gutt kommen andeems se d'Relatiounen tëschent de kulturelle Strukturen, hire Memberen, den Artisten, dem Public, de Prestatairen asw. an dem Kulturministère verdäitlechen.

D'Konschtfräiheet an d'Programmatiounsfräiheet sinn natierlech weiderhin garantéiert. De Kulturministère setzt sech och weiderhi fir eng staark a fräi Konschtzeen an, an där Konscht- a Meenungsfräiheet garantéiert sinn, onofhängeg dovunner ob eng kulturell Ariichtung oder e Projet vun enger ëffentlecher finanzieller Ënnerstëtzung profitéiert oder net.